

Erfreelechtes aus dem Inneministère:

Gemenge solle méi Autonomie kréien, mee mussen och méi Verantwortung iwwerhuelen



von Patrick Kleeblatt den 10/01/2020

f Op Facebook deelen

Op Twitter deelen

Newsletter abonnieren



Et muss méi einfach ginn, besonnesch wat déi ganz Prozeduren ugeet, déi de Gemengen oft de leschten Nerv kaschten. Vill vun dëser Prozedur sinn esou obsolet wéi iwwerflësseg an dat, esou d'Inneministesch muss sech änneren. Deem kann de Syvicol nëmmen Zoustëmmen.

Ennert dem Motto: „matenee fir eng Modern Gemeng – Gemengereform am Dialog“ hunn d'Ministesch Taina Bofferding (LSAP) an de **President vum Syvicol Emile Eicher** (CSV) gëschter annoncéiert datt et am Kontext vun der Gemengereform zolidd Fortschreter gëtt, an et zu enger **gréisser Gestionsautonomie vun de Gemenge** komme wäert, déi der haideger Zäit entsprécht.

Vun der Reform, déi eng Erliichterung vun der Tutelle bedeit, profitéieren awer och, nieft de Gemengen an dem Ministère, d'Bierger. D'Hallschent vun den Approbatiounen déi de Ministère muss handhaben, falen esou ewech, wat et de Gemengen erméigleche soll, Projete méi séier an Ugrëff ze huelen, Transaktiounen ofzeschléissen a noutwenneg Posten ze schaffen.

Eng ganz al Fuerderung

Den Emile Eicher, éiwege Buergermeeschter vu Klierf, huet drop verwisen, datt de Syvicol schonn 20 Joer laang (also och vun den CSV-geleete Regierungen) eng Reform vun der Tutelle gefuerdert huet. Mat der Koalitiounsregierung un där d'CSV bekanntlech net bedeelegt ass, schéngt sech säin an de Wonsch vu ganz ville Buergermeeschter, dann elo endlech ze realiséieren.



© Martine de Lagardère/moien.lu

Elo also soll, mat dëser Reform, déi der Chamber zäitno wäert virgeluecht ginn (am Regierungsrat ass et ugeholl, elo muss de Staatsrat nach driwwer kucken) viles ewechfalen. Dat heescht, datt an Zukunft d'Gemengen hir Budgeten an d'Amenagement-Pläng (PAG/PAP) nach musse validéieren loossen, déi meescht aner Saache sollen dann nach just dem Inneministère virgeluecht ginn.

Dës Prozedur déi sech „transmission obligatoire“ nennt, erlaabt et der Gemeng aktiv ze ginn, ouni mussen op den Accord vum Ministère ze waarden. Woubäi dat kee Fräibrëif fir d'Gemenge gëtt, well den Inneministère kann nach ëmmer agräifen an den „Akt“ suspendéieren, jo esouguer annulléieren wann dësen net Gesetzkonform ass, oder géint den öffentlichen Interessi verstéisst.

Berodung a Begleedung

Fir deem virzepräife wëll den Inneministère méi Staark d'Gemenge begleeden a beroden, wat besonnesch fir déi kleng Gemenge ganz Sënnvoll ass, wëll si net iwwert déi Experte vun de gréisseren Stied am Land verfügen, an esou am Virfeld präiwe, respektiv ëm Rot froe kënnen.

A fir den Emile Eicher, deen dës Fortschreter begréisst, ass et wichteg drop hinzewisen, datt esou awer d'Veantwortung vun de Gemengen erhéicht gëtt. Eng weider Neiegkeet, ass d'Aféierung vun Delaien. Demanden déi dem Ministère zur Approbatioun virgeluecht ginn, mussen da bannent dräi Méint verschafft ginn, oder si gëllen als „ugeholl“. Dat suert fir méi juristesche Sécherheet.

Beim Syvicol ass dat eleiten awer nëmmen en éischte Schratt an déi richteg Richtung. **Den Emile Eicher géif et begehieren, wann och all déi aner Ministère dem Beispill vum Inneministère géifen noäiferen.** Bis dat awer antrëtt, muss elo emol an der Chamber déi legislativ Prozedur ofgeschloss ginn. Et ass net dovunner auszegoen, datt d'Oppositioun sech wäert widdersetzen.

Déi nächst Schrëtt

Mat der administrativer Vereinfachung an eppes méi Autonomie ass den Ufank gemaach, vun deem wat als allgemeng Reform vun Kommunalgesetz betruecht gëtt. D'Taina Bofferding insistéiert hei, datt dës integral Erneuerung vum Gesetz, sech am Gespéich a mam Concours vun de Gemenge realiséieren wäert. En Avant-Projet vum Gesetz soll bis 2021 virleien, esou zumindest de Plang.



(v.l.n.r.) Alain Becker (Inneministère), Emile Eicher (President Syvicol), Taina Bofferding (Inneministesch), Laurent Knau a Mireille Cruchten. © Martine de Lagardère/moien.lu

Och an der Diskussioun, de Cumul vun de Mandater. Do hu jo eng Rei Parteien an der Chamber gemengt, datt een deem misst entgéintwierken. D'LSAP gehéiert net zu deenen déi de Cumul „kritesch“ gesinn, an esou ass et net verwonnerlech, datt d'Taina Bofferding hei éischer d'Reform vum politesche Congé géif virzéien. **Eng Fuerderung déi et esou ähnlech och vum Syvicol gëtt.**

An et soll dann elo och eng deontologesch Charta fir d'Membere vum Gemengerot ginn. Dat gëllt natierlech och fir de Kolléisch vum Buergermeeschter a Schäfferot. **Säit zwee Joer schafft de Syvicol un engem sougenannte Code de Conduite.** Eng Aarbechtsgrupp soll dese finaliséieren, iert en vun engem groussherzogleche Reglement officialiséiert gëtt. Hei ass nach Gedold gefuerdert.

Foto: Den Emile Eicher (l) an d'Taina Bofferding si gläichermoossen erfreet iwwert déi gutt Fortschrëtter déi erziilt goufen. © Martine de Lagardère/moien.lu